



N° 5957
Reçue le 18.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.03.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Iwwert digital Antenneradioen kann een DAB+ Senderen ëmfänken. Den Service des médias (SMC) huet 2020 eng Etüd mat dem Broadcasting Center Europe (BCE) zum DAB+ lancéiert a finaliséiert. Radiosender konnten dëser Zäit Tester maachen mam Iwwerdroungsmodell. Den Staat huet fir eng Hëllef zum Ausbau vum DAB+ ronn 100'000€ virgesinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An engem Communiqué vum Staatsministère vum Dezember 2020 gëtt eng Feuille de route erwänt, déi opgrond vun den Tester vun 2020 sollt opgestallt ginn, fir den Déploiement fir d'Joer 2021 ze reegelen.
Kann de Minister erläuteren, wéi d'Pläng fir 2022 an deem Kontext ausgesinn?

2. An der Äntwert op d'Fro 4575 huet den Minister erkläert, dass nach eng Réi oppe Froe géingen bléiwen, wat d'Balance tëscht de verschiddenen établierten an potentiell nei Radiosender géing ugoen.

Sinn dës Froen an tëschenzäit gekläert ginn?

Wa jo, wéi denkt den SMC dass dës Balance soll ausgesinn? Op Basis vun ewéi enge Kritären wäerten d'Plazen verdeelt ginn ginn?

3. An der Äntwert op déi selwescht Fro erkläert den Minister, dass d'Konditiounen fir den Accès zum DAB+ zum Deel duerch d'Käschte wäert bestëmmt ginn. Och soll d'ALIA mat un dësem Dossier schaffen, fir ze bewäerten, ob een "Système de soutien" fir déi lokal Radioen soll agefouert ginn.

Ginn et hei schonn Fortschrëttler wat d'Evalutatioun vun esou engem "Système de soutien" ugeet?

A wéi fern wäerten d'Käschten vum DAB+ d'Radiosender bestëmmen, déi heivun profitéieren kënnen?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu